Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN

**Versammlung Jugendkommissioun + Trainerteam**
**Péiteng 12. November 2023 13 Auer**
**Waren dobai: Mireille, Margot, Alain H., Sandy, Bib, Mandy an Alain B.**
**Excuseiert: Chris, Tom, Steve, Mil**

## Sprint National ass den 21.1.2024

- Den Alain H. krut d'Umeldungen , scannt déi a mailt dem Chris déi weider.

- De Chris schafft um Programm fir de Sprint.

- Et sinn 77 Hären a 26 Dammen ugemellt. Mir hunn driwwer diskutéiert op mir Damme solle getrennt oder gemëscht spille loossen. De Probleem ass et gëtt e laangen Dag bei sou vill Umeldunge wat awer gutt ass, mir wëllen awer och all Spiller mindestens 45 Klatze spille loossen an der Gruppephase an dowéinst packe mer et net an engem Dag wa mir Dammen an Hären getrennt spille loossen. Sie ginn awer getrennt gewäert.
  Mir hunn eis gëeenegt dass d'Dammen an d'Hären zesumme spillen an der Gruppenphase. Di 4 bescht Dammen aus der Gruppenphase spillen d'Dammefinall am Schluss vum Dag just virun der Härefinal. Di Dammen déi et packe weider an de KO System ze komme kennen do weiderspille géint Hären. Sollt eng Damm et bis an Härefinal packen da réckelt dee 5. Här no an Härefinal an di Damm spillt Dammefinall. Mir géingen eis och esou un dat Reglement halen wat erausgaangen ass un d'Veräiner an hunn domat guer näischt geännert wei de Sprint National soss ëmmer gespillt ginn ass. Final gëtt mat 40 Klatzen iwwert 4 Bunne gespillt a just di 3 bescht gi geéiert. Deen 4. Net.

- Well et en Nationale Sprint ass, erlaben mir och 15ter a 14ter Klatz wann ee Spiller di 16ter Klatzen net packt, well spilleresch kéint et zum Nodeel sinn mat méi klenge Klatzen ze spillen. Wann d'Klatz awer erageet, dann zielt den Durchläufer awer an di Klatz gëtt mat 0 gewäert. (Et sinn Spiller déi dat gefrot hunn well Sie sech just kennen unmellen wann Sie net mussen mat der 16ter Klatz spillen).

- Mir brauchen e Programm mat Auerzäit fir dat och kennen ze publizéieren um Site an de Spiller bescheed soe weivill Auer se sollen do sinn. Esoubal de Chris de Programm gemaach huet mat de Nimm da wëssen mir di genee Auerzäit an deelen der FLQ dat mat.

- TKJ huet mam Wiert geschwat dass hie genuch Leit deen Dag schaffen huet och de Leit och eppes ze iessen ubitt (Bréidercher,..etc…)

- Eis U18/U24 Spiller(innen) sinn verflicht eis op deem Dag ze hëllefen, ausser bei valabelem Grond. De Sprint ass just méiglech bei kollektiver Hellef.

- TKJ këmmeren sech em Medailen fir de Sprint an och em Tombola.

- Den 3.12.23 um 11 Auer géifen mir en Testsprint ausspillen um Jugendtraining fir dass eis U18/U24 och übe kennen den Apparat anzestellen.